# Sportlerin a Sportler vum Joer 2025

**Opruff un all d'Clibb an d'Eenzelsportler (m, f, x) – Umeldung an 2 Schrëtt**

Déi verdéngschtvoll Eenzelsportler (m, f, x) a d'Sportsclibb aus der Gemeng Miersch, sinn opgeruff, fir sech via Online Formulaire op *mersch.lu* ze mellen. Duerno kréie se via Mail ee Lien geschéckt, fir hir respektiv hiren Ekippen, Benevolen oder Arbittren hir Performancen aus der Saison 2024/2025 bis den **30. September 2025** online eropzelueden.

### DËS KRITTÄRE SINN ZE RESPEKTÉIEREN

**1. Eenzelsportler:**

- eng vun den éischten 3 Plazen beim Championat / nationaler Coupe / LASEL / LASEP;
- Sportler, déi eng besonnesch grouss Leeschtung bei enger nationaler oder internationaler Kompetitioun areecht hunn.

**2. Ekippesport:**

- Champion oder Vize-Champion an enger Divisioun bzw. Opstig an eng méi héich Divisioun;
- Finalist an enger Coupe Final ;
- Ekipp aus der héchster Spillklass;
- Ekipp, déi eng aussergewéinlech Leeschtung bei engem nationalen oder internationalen Tournoi areecht huet.

**3.** All Club kann ee **verdéngschtvolle Benevole** proposéieren. Ee Benevole gëtt bei der Zeremonie fir d'Sportlerin an de Sportler vum Joer 2025 geéiert.

**4. Arbitter:**

D'Arbitteren, déi folgend Unzuel u Matcher geleet hunn: 100, 250, 500, an duerno ëmmer de Multiple vu 500.

**Umeldung:**




© iStock.com / skynesher